



DEZEMBER 2017 N° 47



FËSCHBER  
GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktiouun:** Dany Hermes, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

**Mataarbechter:** Patrick Delmarque, Viviane Thill, Olivier Molitor, Marie-Louise Haas-Erpelding, Sarah Kolber, Luss Brosius, Gina Hermes, Steve Eastwood, Fernand Schiltz.

**Drock:**

Print Service Mechel, Luxembourg

**Seite 1:** Neie Gemengerot

**Seite 2:** Virwuert vum neie Buergermeeschter

**Seite 3:** Floumaart

**Seite 4:** Senioren op der Rees

**Seite 5:** Senioren op der Rees

**Seite 6:** Nei Maison relais

**Seite 7:** Nei Maison relais

**Seite 8:** Nei Maison relais

**Seite 9:** André Kops

**Seite 10:** Olivier Molitor

**Seite 11:** Olivier Molitor

**Seite 12:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 13:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 14:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 15:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 16:** Schouljoer 2017-2018

**Seit 17:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 18:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 19:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 20:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 21:** Schouljoer 2017-2018

**Seite 22:** Elterevertrieder

**Seite 23:** Mike Daems

**Seite 24:** Grand-Age

**Seite 25:** Gemengerotsätzungen

**Seite 26:** Roger Simon

**Seite 27:** Etat Civile

**Seite 28:** Fairtrade, Opruf Gaard an Heem

**Seite 29:** Hämmlsmarsch

**Seite 30:** Gemengewahlen 2017

**Seite 31:** Gemengewahlen 2017

**Seite 32:** Nationale Beiendag

**Seite 33:** Nationalen Beiendag

**Seite 34:** Nei Gemengesekretärin

**Seite 35:** Nei Gemengesekretärin

**Seite 36:** Naturpark Mëllerdall-Kallenner

**Seite 37:** De Kleesschen an der Schoul

**Seite 38:** De Kleesschen an der Schoul

**Seite 39:** De Kleesschen an der Schoul

**Seite 40:** Gleckwënsch

**Redaktiouunsschluss Blat 48:** 6. Abrëll 2018

## VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

de neie Gemengerot ass bestëmmt a gouf vun lech gewielt. A menger Funktioun als Buergermeeschter vun der Gemeng Fëschbech wëll ech lech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot villmoos Merci soe fir dat Vertraue wat Dir deene 9 Gemengerotsmemberen den 8. Oktober duerch Är Stëmm geschenkt hutt.

Ongedölleg hunn déi Neigewielten op d'Vereedegung gewaart. De 14. November war et dunn esou wäit, de Schäfferot gouf Moies am Ministère de l'Intérieur vum Inneminister Dan Kersch vereedegt. Fir keng Zäit ze verléieren goufen de selwechten Owend d'Conseilleren op der Gemeng zu Fëschbech vu mir vereedegt.

Et gëllt u villes Dossieren ze schaffen, Budget, PAG, fir nämmen déi ze nenne wou mir an den Délais'en musse bleiwen, an duerfir war deen éischte Schäfferot och direkt deen Dag no eiser Vereedegung. Jo, et ass Neiland fir déi meesch vun eis an et ass een Challenge, mee mir freeën eis op déi nei Erausfuerderung a wäerten de Maximum maache fir eiser Gemeng a senge Bierger dee beschtméiglechen Déngscht an dëser Mandatsperiod ze leeschten.



Zanter dem 2. November gëtt de Sekretär's Poste vun der Fëschber Gemeng vum Viviane Thill vun Huelmes bekleet. Sie gëtt lech an dësem Blat virgestallt. De neie Gemengerot ass frou mam Viviane eng sympathesch an erfaare Sekretarin ze hunn, déi duerch hir laang Beruffserfarung am Gemengesecteur eng Beräicherung fir eis Administratioun an eng grouss Hëllef fir de neie Gemengerot wäert sinn.

Ech wëll awer och vun dëser Geleeënheet profitéiere fir dem scheedende Schäffen – a Gemengerot, awer och eisem laangjärege Sekretär Patrick Delmarque deen ab dem 1. November fir d'Gemeng Walfer schafft, Merci ze soe fir déi geleeschten Aarbecht an der Vergaangenheet. Hinnen all Guddes fir hir perséinlech a berufflech Zukunft.

D'Chrëschtdeeg an d'Ënn vum Joer sti virun der Dier an dowéinst wünschen ech lech, léif Biergerinnen a Bierger, am Numm vum neie Schäffen- a Gemengerot schéin a besënnlech Feierdeeg am Krees vun deenen déi lech wichtig sinn, grad esou wéi ee guerde Rutsch an een gesond a glécklecht neit Joer 2018.

Mat beschte Gréiss, Fränk Daems.



Fëschber Gemengeblat

# Floumaart

Den 3. September hat eise Veräin sain traditionelle Floumaart am Veräinshaus „Op der Héicht“ ofgehalen. Eis 130 Memberen hun sech de Menü, Waarm Ham, Kotletten a Grillwurscht mat Speckgromperen a Gaardeboune gutt schmaache gelooss. Mat eisem Floumaart hate mir och e grousse Succès, al Saachen oder net esou neier gi wierklech nach gesicht. Duerfir mierkt iech elo schon den 2. September 2018.

Text a Fotoen: Marie-Louise Haas-Erpelding



3



Feschber Gemengeblat

# **Mecklenburgsche Seenplatte / Güstrow**

## **Seniorenverein Gemeinde Fischbach** **vom 13. August bis zum 20. August 2017**

**13.8.:** Anreise nach Güstrow mit 31 Teilnehmern, Aufenthalt während 8 Tagen im Hotel Weinberg.

**14.8.:** Stadtführung Güstrow mit Besichtigung der Innenstadt mit sehenswerten Bauwerken, z.B. Schloss Güstrow, Dom aus dem 13.Jahrhundert mit dem berühmten „Schwebenden Engel“, Gertrudenkapelle. Güstrow ist bekannt durch Ernst Balach, ein deutscher Bildhauer.

**15.8.:** Ausflug Mecklenburgische Seenplatte. Schiffahrt über den Malchower See, Fleesensee, Jabler See, Kölpinsee, Eldenburger See, direkt in die Müritz nach Waren. Nachmittags Spaziergang durch den Park des Renaissanceschlosses. Im „Schafstall“ bei „Kaffee und Kuchen“ natürlich Gelegenheit zum Einkauf regionaler Produkte.

**16.8.:** Ausflug auf die Insel Rügen. Fahrt über den Rügendiffamn bis nach Sassnitz. Wahrzeichen der Insel, sind die berühmten Kreidefelsen. Nachmittags, kleine Uferpromenade im mondänen Ostseebad Binz.

**17.8.:** Freizeit in Güstrow.

**4**

**18.8.:** Ausflug nach Rostock. Mit der „Weissen Flotte“ nach Warnemünde, wo unser Hotelchef eine kleine Überraschung für uns vorbereitet hatte und zwar eine „Solianka“. Warnemünde, auch ein bekanntes Ostseebad, mit seinem breiten Sandstrand, dem Leuchtturm sowie der schönen Uferpromenade. Am „alten Strom“ kann man das Ein- und Ausfahren der Überseefähren beobachten. Eine gute Gelegenheit sich den „frischen Fisch“ schmecken zu lassen.

**19.8.:** Ausflug auf die Halbinsel Fischland-Darss-Zingst. In Ribnitz-Damgarten, Besuch des berühmten Bernsteinmuseums. Diese Ausstellung macht vertraut mit der Natur, der Kunst und der Kulturgeschichte, sowie der Verarbeitung des Bernsteins. Natürlich konnte man auch Schmuckstücke aus diesem wunderbaren Material kaufen, wovon wir Gebrauch machten. (Leider oder Gott sei Dank hatten wir nicht genügend Zeit dafür!!) Ahrenshoop, ein schmales Verbindungsstück zwischen Fischland und Darss, ist eines der charmantesten Seebäder der Halbinselkette. In Prerow, mit dem Schaufelraddampfer „MS Riverstar“, Fahrt zwischen den vielen kleinen Inseln des Saaler- und Bodstedter Bodden.

**20.8.:** Heimreise nach Luxemburg; es bleiben uns 8 Tage herrlicher Erlebnisse in einer wunderschönen Landschaft in Erinnerung.

Text & Fotos: Marie-Louise Haas-Erpelding



Feschber Gemengeblat



5



Fëschber Gemengeblat

# Aweiung vun der r „Bei de Kuebe“

**D**en 22. September war et esou wäit: dat neit Gebai bei der Angsber Schoul ass ageweit ginn. An deem modernen Neibau ass vun elo un de Cycle 1 énnerbruecht an och d'Maison relais.

A Präsenz vum Bildungsminister, dem Claude Meisch, waren och e ganze Koup Leit op Invitatoun vum Feschbecher Schäffen-a Gemengerot dohinner komm. Wéi et sech gehéiert, waren natierlech och d'Kanner mat derbäi fir hir nei Schoul an hir Crèche ze feieren.

6



# neier Maison relais en" zu Angsber

Hei nach e puer Impressiounen wéi et während dem Schantjen ausgesinn huet a wéi et haut ausgesäit.

De grousse Sall, och Motrizitéitsraum genannt, sou wéi en am Réibau do stoung an énnendrënner während der Aweiung.



7



Feschber Gemengeblat

Och deen anere Flijel huet sech kräftegeännert. D'Foto am Réibau ass do opgeholl, wou haut den lesseck ass. Da gesät een och lénks dee Rechteck, deen duerch dee méi däischteren Buedem ze erkennen ass. Dodran sinn haut déi schuckeleg Säll vum Cycle 1.



8



Wien un méi Detailer interesséiert ass, kann op der Gemeng eng Brochure kréien wou alles genau erklärt ass.

Text a Fotoen: Frank Weyrich



Fëschber Gemengeblat

# Gebuertsdag André Kops

Am September dëst Joer huet den André Kops seng 80 Joer gefeiert.

Gebuer gouf hien den 18. September 1937 zu Lëtzebuerg. De 27. Februar 1961 ass hie mam Lydie Welter bestuet ginn. Si hunn 2 Kanner, d'Liane an de Patrick a 5 Enkelkanner, de Laurent, de Pol, de Charel, d'Estelle an d'Anne. Als geléierte Kach huet den André mam Lydie zesummen zu Esch de Café Rustique gefouert an duerno den Hotel Elite iwwerholl. Dësen läit direkt niewent dem Theater an duerfir ass hiert Gästebuch aus dëser Zäit och mat ville Bekannten aus der Theaterwelt gefüllt.

No 8 Joer zu Esch si Si duerno op Miersch geplännert an den Hotel/Restaurant Marisca, fir e puer Joer duerno hiren eegenen Hotel/Restaurant „Val Fleuri“ zu Miersch opzemaachen.

Am Joer 1999 koume sie op Aangelsbierg an den Déieregaart wunnen, fir do hier wuelverdénge Pensioun ze verbréngen. Niewent dem Kachen ass et dem André eng Freed sech em seng vill Planzen am Haus ze kämmeren.

Matt engem schéine Blummegesteck koumen déi zwee Schäffen, d'Simone Majerus an de Marco Karier, zesumme mam Marie-Louise Haas-Erpelding, fir hir Glückwünsch ze iwwerbréngen.

Text a Foto: Dany Hermes



9



Fëschber Gemengeblat

# Gräifvigel (3. Deel)

Text a Fotoen: Olivier Molitor

Wanderfallek / Spuervull (d. Wanderfalke, fr. Faucon pélerin, lat. Falco peregrinus)

De Wanderfallek ass an den 1960er Joren hei am Land verschwommen. A verschiddenen arabesche Länner gehéiert de Wanderfallek zum Statussymbol, vill Horster goufe vu Mënschen ausgeräibert fir d'Eeër an déi jonk Vigel ze verkafen. Och den Asatz vum Gëft DDT huet him terribel geschuet. Eréischt wéi den Asatz vun deem Gëft Europawäit verbueden ginn ass, an aner Schutzmoosname getraff goufen, hunn seng Bestänn sech nees lues erholl. Hie baut selwer keng Náschter, mee benutzt friem Náschter, dacks Fielshielen, awer och Brécken, Tierm oder soss héich Baute fir do ze bréien. Et gëtt geschat, datt zu Lëtzebuerg ongefíeier 12-14 Puer bréien.

Gréisst: 50 cm

Gewiicht: 1300 gr

Fliggelspanweit: 115 cm

Eeër: 2-5

Brutdauer: 34 Deeg

Zäit am Nascht: 43 Deeg

Nahrung: Viggel

Alter: 15 Joer

Feinden: Uhu, Steemarder, Mënsch



## Spréiwenhuer (d. Sperber, fr. Epervier d'Europe, lat. Accipiter nisus)

De Spréiwenhuer kreest méi seelen ewéi aner Graïfvigel um Himmel, duefir kritt een hien net dacks ze gesinn. Hie flitt meeschten ganz niddreg, notzt all Deckung aus, an iwwererrascht sou seng Affer. Sou séier wéi ee mengt en ze gesinn, ass en och schonn nees verschwonnen. Hie britt meeschten an Nolebëscher. Et gëtt geschat, datt et zu Lëtzebuerg ongefíeier 200-300 Puer ginn, déi hei bréien.

Gréisst: Männchen 30 cm, Weibche 40 cm

Gewiicht: Männchen 180 gr, Weibchen 320 gr

Fligelspanwäit: Männche 64 cm, Weibchen 82 cm

Eeër: 4-6

Brutdauer: 34 Deeg

Zäit am Nascht: 36 Deeg

Nahrung: haapsächlech Vigel

Alter: bis 15 Joer

Feinden: Uhu, Habicht, Kueben, Mensch



11

Deswéideren hunn ech och schonn den Héngerdéif / Huer (d. Habicht - vun deenen ongefíeier 50-60 Puer bei eis zu Lëtzebuerg bréien), den Harespelsfrësser (d. Wespenbussard - vun deenen ongefíeier 100-180 Puer bei eis zu Lëtzebuerg bréien) an de Bamfallek (d. Baumfalke - vun deenen ongefíeier 20-25 Puer bei eis zu Lëtzebuerg bréien), de Summer duerch an eise Bëscher oder am oppene Land kënne beobachten. Ob si awer wierklech bei eis bréien, konnt ech bis elo nach ni bestätegen. Ausserhalb vun de Brutzäite gesäßt een och reegelméisseg verschidden Adleren a Geieren hei duerchzéien, mee well meng Bäitrag sech op déi Graïfvigel beschränken, déi och bei eis bréien, ass – wéinstens emol fir den Ament – dësen drëtten Deel, dee leschten, wou mer iwwer Graïfvigel schwätzen.



## Schouljoer 2017-2018



12


Précoce: Groupe A

An der viischter Rei vu lénks no riets: Willem KIERSCH, Adria SEMBLANO DE PAULA, Simão TEXEIRA NOVAIS, Martin DAMGÉ, Mylène DUJARDIN, Diego MARQUES, Henrik WORTMANN, Noah RAFFAELLI, Carolina DUARTE SANTOS

Hannendrun: Michelle VREHEN, Julie DHAMEN, Miro LECOQ, Anna FABER, Samuel SCHMIT, Sarah LANNERS



Feschber Gemeindeblatt



## Schouljoer 2017-2018



13

Précoce: Groupe B

Op der Bänk vu lénks no riets: Ryan FALANA, Dinis VAZ DA SILVA, Amadeu TEIXEIRA MARINHO, Amra HAJDARPAŠIĆ, Matteo FORTUNATO

Hannendrun am Stoen vu lénks no riets: Sarah LANNERS, Elena SCHILTZ, Anaïs LOPES NANCEL, Nellie LUCAS RASSEL, Jonatan HOFFMANN, Carmen DELHALT



Feschber Gemengeblat



## Schouljoer 2017-2018



14

### Cycle 1.1:


Rei 1 v.l.n.r.: Shari SCHILTZ, Jamie ACONE, Timothée POPOFF, Liam TEIXEIRA, Dany RODRIGUES

Rei 2 v.l.n.r.: Elise SCHMITZ, Noah DA LUZ, Lukas KUBAT, Amalia CHAVES, Martim LOPES REBELO, Jago LIPSCOMB WEISSEN, Charel HEMMER, Leonardo GONCALVES DA SILVA

Rei 3 v.l.n.r.: Luc HELLENBRAND, Sarah BAMBERG, Noa FRANSSENS, Mats WAGENER, Dean ERPELDING, Mathilda WURTH, Jana AGNES, Max REITER, Alyssia THIERRY, Lena MAGREVE



Feschber Gemengeblat



## Schouljoer 2017-2018



15

### Cycle 1.2:

An der viischter Rei vu lénks no riets: Framklim FERNANDES, Diego DONASCIMENTO, Mia GROTZ, Kian BENTO, Betty WEIS, Leonel FERREIRA, Larissa THIERRY, Louis VAESSEN, Laura KUSNIERZ, Finn BROSIUS, David PIERRARD

Hannendrun vu lénks no riets: Diane DANSART, Leonor FERNANDES, Matt KONSBRUCK, Grégory GOMES, Alan HADRYS, Aldis HAJDARPASIC, Lars KUSNIERZ

Ganz uewe vu lénks no riets: Alex SEMBLANO, Ben HOPP, Noé BISSEN

D'Francine Neumann feelt op der Foto well et am Congé parental ass.



Feschber Gemengeblat



## Schouljoer 2017-2018



16

### Cycle 2.1:

An der viischter Rei vu lénks no riets: Noah MAJERUS, Xavier ANTUNES, Laura FRANCK, Salma CARRERA DALOISO, Hugo RODRIGUES FERREIRA, Philip THEISEN

Hannendrun vu lénks no riets: Catalina BADEN, Chiara FABER, David HANSEN, Julia RAFFAELLI, Emma GROTZ, Tomás DA SILVA OLIVEIRA, Nolan HEINZ, Lilly AGNES

Ganz hanner: Julie GORZA



Feschber Gemeindeblatt



## Schouljoer 2017-2018



17

### Cycle 2.2:

Op den Hippercher vu lénks no riets: Jimmy KOLBER, Lory LAUER, Lynn DAEMS, Lana SCHILTZ, Maria GONCALVES DA SILVA, Kathi VAESSEN, Philip WORTMANN, Juliette CHERON

Hannendrun vu lénks no riets: Joffer Samantha GORZA, Elena TINELLI BESNARD, Keirrison ALVES DUARTE, André MAGALHÄES, Jamie MARTINS, Max DAEMS, Patrick DAMGE, Parwiz FALANA, Catherine WURTH, Almina HAJDARPASIC, Iris RELVAS CORREIA, Desejado DA SILVA, Joffer Julie GORZA



Feschber Gemengeblat



## Schouljoer 2017-2018



18


### Cycle 3.1:

1. Rei : Jacquie WAGENER, Manon SCHMIT, Leni HOFFMANN, Nora HANSEN, Soraia RODRIGUES DA SILVA FERREIRA, Viviana PLACIDO PINTO, Titouan HEINEN, Mireille GARSON.

2. Rei : Sam TIBOLD , Maxime RODESCH, Luka FERNANDES MITROVIC, Angelo FERREIRA MAGALHAES, Mathis DIETERLEN, Oskar HADRYS, James RAMOS LIZARDO, Mateo MC SWAIN.



Feschber Gemengeblat



## Schouljoer 2017-2018



19

### Cycle 3.2:


Op den Hippercher vu lénks no riets: Constance CHÉRON, Greta VALLI, Lilly STREFF, Emma REDING, Laurie SCHENGEN,

Hannendrun vu lénks no riets: Anne VAESSEN, Raffaella ACONE, Alessia STEIWER, Laure DICHTER, Max THEISEN, Rodrigo DUARTE SANTOS.

An der hënneschter Rei vu lénks no riets: Emma MATIAS, Julie NEUMANN, Julie DA ASSUNÇAO AZEVEDO, Manon SCHMIT, Manou MOURA, Adriana RODRIGUES, Lee BROSIUS, Florence CONRAD, Lena MARTENG, Nevio MARTINS, Louis MAX.



Feschber Gemengeblat



## Schouljoer 2017-2018



20

### Cycle 4.1:

An der viischter Rei vu lénks no riets: Esteban CARRERA, Chloé HAYWARD BESNARD, Julie MAX, Isaac ANTUNES.

an der 2. Rei vu lénks no riets: Sophie WAMBACH, Ruben TEIXEIRA NOVAIS, Felix KOLBER, Clément DIETERLEN.

Hannendrun vu lénks no riets: Ana Rita MARTINS RODRIGUES, Edgar GONÇALVES, Luca ELSSEN LAERA, Edmond HAAS, David DAMGÉ, Sarah KOLBER, Sam BROSIUS, ganz hinnen: Eric DINIS.



Feschber Gemeindeblatt



## Schouljoer 2017-2018



21

### Cycle 4.2:

An der viischter Rei vu lénks no riets: Lucie MENSEN, Mattea VALLI, Anouk PÜTZ, Carolina DOS SANTOS SAMPAIO, Julie MOURA, Thybo SCHOCKMEL, Noémie SCHENGEN.

Hannendrun vu lénks no riets: Mike SIL CABRAL, Olivier STOLTZ, William GOMES, Zoé KINSCH.

Op dem Klotergerüst vu lénks no riets: Noé TIBOLD, Borian TYMI, Kinai BENTO ROCHA, Liz DEGRAUX, Lara SANTOS, Paulo GOMES TEIXEIRA, Luca SANTOS, Paul CHÉRON, Veronika FERREIRA MAGALHÃES, Jessica ALMEIDA.



Feschber Gemengeblat

# Elterevertrieder Angsber Schoul



22

Tania Brosius-Schiltz, Tom Heinz, Conny Spiewak, David Antunes, Joëlle Kolber-Bissen

**D**en 23. Oktober 2017 goufe fir déi 5. Kéier d'Elterevertrieder- Walen an der Angsber Schoul ofgehalen.

Des Kéier hunn sech 5 Kandidatinnen a Kandidaten op den Opruff hi gemellt, dee schrifftlech un all d'Eltere gang ass, déi Kanner an der Angsber Schoul hunn. Vun de versammelten Eltere gouf dunn unanime d'Zuel vun den Elterevertrieder op 5 festgeluecht. Déi 5 Kandidatinnen a Kandidaten si per Acclamatioun vun der Versammlung ugeholl ginn.

D'Angsber Schoul an d'Elterevertrieder freeën sech op eng gutt Zesummenarbecht déi nächst 2 Joer!

Text: Sarah Kolber a Foto: Luss Brosius



Fëschber Gemengeblat

# Ee grousse Merci un de Mike



**B**ei der Feier vum Feschber-Nopeschfest den 23. September hun d'Veräiner aus eiser Gemeng dem Mike Daems e Cheque-Kado iwwerreecht.

23

De Mike huet sät méi wéi 12 Joer d'Gestioun vum Gedréngs am Veräinshaus gemaach fir d'Veräiner, an hien huet dat exakt a virbildlech gemaach.

Duerfir soe mir him e grousse Merci fir seng Aarbecht. Mir wünschen him a senger Famill, dass hie mat dësem Kado eppes Flottes kann ufänken.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding a Fotoen: Marc Kolber



Feschber Gemengeblat

# Éierung vun eisen eelere Matbierger

**D**e 15. Oktober huet eise Senioreveräin d'Journée du Grand-Age gefeiert. D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding huet all Memberen, Invitéen a Jubilaren häerzlechst begréisst.

D'Madame Buergermeeschter, Marianne Brosius-Kolber, huet och e puer Wieder un eis geriicht. Nom Mëttagessen, servéiert vum Restaurant Steinmetz vu Bech, sinn d'Jubilare geéiert ginn.

**Fir 75 Joer:** Hess-Cottong Louise, Kayl Jacqueline, Mertens-Hoffmann Marie-Thérèse, Moczkowsky Rose.

**Fir 80 Joer:** Kraus-Maurer Léonie, Kreusen-Gaspard Henriette, Welsch-Praus Pierrette.

**Fir 81 Joer:** Spiewak-Maurer Maria.

**Fir 82 Joer:** Janssen Henri, Weyland Anne, Zenner Claire.

**Fir 83 Joer:** Heidemann Mathilde, Holz-Gaudrond Hélène, Kraus Ben, Pinkers Liz, Weklsch-Kurth Julie.

**Fir 84 Joer:** Albers Henk, Ernzen-Deckenbrunnen Eugénie, Tunsch Jang, Zenner-Schmit Claire.

**Fir 85 Joer:** Hoffmann-Roller Marie-Louise.

**Fir 86 Joer:** Bisenius-Wagner Lucie, Karier-Bück Alice.

**Fir 87 Joer:** Kemp-Weis Jenne.

**Fir 96 Joer:** Peters Paul.

**Fir 97 Joer:** Erpelding-Ries Sophie.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding a Foto: Gina Hermes

24



\*\*\*\*

## Info-Owend

De 19. Abrëll 2018, organiséiert de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech ee Konferenz-Owend am Veräinshaus op der Héicht, zum Thema: Lyme-Borreliose.

Referendar: Dr. Georges Jacobs



Fëschber Gemengeblat

## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 17 juillet 2017

Présents M/Mme Brosius-Kolber, Majerus-Schmit, Daems, Trausch

Absent: Karier, Haas-Erpelding

- 1) Est approuvé le procès-verbal de la séance du 29 juin 2017 (à l'unanimité).
- 2) a) Est annulée la délibération du 29 juin 2017 portant approbation de la convention du réseau d'eau potable (à l'unanimité)  
b) Est approuvée la convention remaniée du réseau régional d'eau potable (à l'unanimité).
- 3) Est approuvée la démission de M. Patrick Delmarque de ses fonctions de secrétaire communal auprès de la commune de Fischbach avec effet au 1<sup>er</sup> novembre 2017.
- 4) Est approuvé le Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) pour la période de 2017 à 2018 (à l'unanimité).
- 5) Les membres du conseil communal sont informés des décisions prises par la Cours administrative dans le cadre du recours introduit contre les refus d'approbation du projet PAG des ministères de l'Environnement et de l'Intérieur.

\*\*\*\*\*

## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 5 octobre 2017

Présents M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Daems, Haas-Erpelding, Trausch

- 1) Est approuvé le procès-verbal de la séance du 17 juillet 2017 (à l'unanimité).
- 2) Est approuvé le plan de gestion annuel de la forêt communale de l'année 2018 en retenant des investissements au montant total de 95.200 EUR et des rece es au montant total de 119.050 EUR (à l'unanimité).
- 3) Est décidée la dissolution du Syndicat Mullerthal (à l'unanimité).  
Est approuvée le transfert du solde de l'actif financier du Syndicat Mullerthal au 31 décembre 2017 au profit du syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc naturel Mëllerdall (à l'unanimité).
- 4) Sont approuvées les modifications budgétaires pour l'exercice 2017 pour un montant de 75.500 EUR (à l'unanimité).
- 5) Sont approuvés le compte administratif et le compte de gestion de l'exercice 2015 (à l'unanimité).
- 6) Est décidé de contracter un emprunt d'un montant de 2.000.000 EUR auprès d'un établissement bancaire pour financer les dépenses d'investissement relatives à la construction du nouveau bâtiment pour la Maison relais et le Cycle 1 à Angelsberg (à l'unanimité).
- 7) Sont approuvés les contrats de travail à durée déterminée de Madame Tessy ERPELDING de Fischbach et Madame Sandra VAESSEN-ISEKIN de Fischbach dans le cadre de l'accompagnement du bus scolaire pour l'année scolaire 2017/2018 (à l'unanimité).
- 8) Approbation de statuts : reporté.
- 9) Sont approuvés les devis au montant total de 135.500 EUR c pour la mise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Schmatzelt » à Koedange (à l'unanimité).
- 10) Est nommé au poste de rédacteur pour le secrétariat communal, Monsieur Daniel HOTTUA, demeurant à Larochette.

25



Fëschber Gemengeblat

# Gebuertsdag Roger Simon

Dëser Deeg huet de Roger Simon vu Schous seng 80 Joer am Krees vu senger Famill gefeiert.

De Roger ass den 23. Oktober 1937 zu Schous op d'Welt komm. Seng Primärschoul huet hien och zu Schous verbruecht, duerno ass hien op Ettelbréck an d'Ackerbauschoul gaangen. No senge Schouljoren huet hie vun 1952 bis 1966 am elterleche Bauerebetrib geschafft.

Den 21. Mee 1966 ass de Roger mam Jeanny Petry bestued ginn. Dat selwecht Joer huet déi jonk Famill dem Roger säin elterleche Betrib iwverholl. Aus dem Bestietnes sinn 2 Kanner ervir gaangen, d'Danielle an d'Christiane. D'Enkelkand, de Yann ass hire ganze Stolz.

Fir Hobbyen ass dem Roger net vill Zäit bliwwen, hien huet sech allerdéngs a söllechen Duerfveräiner engagéiert a war laang Joren, Kommandant vun de Schéisser Pompjeeën.

1982 huet de Roger mam Bauerebetrib opgehal. Säi Brout huet hie vun do un als „Delegué Commercial“ an der Alimentatioun verdéngt an datt bis zu senger Pensioun am Joer 1994.

De Feschbecher Schäfferot mat der Buergermeeschtesch, dem Marianne Brosius-Kolber a senge Schäffen, dem Simone Majerus-Schmit a Marco Karier, hunn dem Roger mat engem schéine Blummenarrangement fir seng 80 Joer gratuléiert.

Text a Foto: Ren Spautz

26



Feschber Gemengeblat

# Administration communale 1, rue de l'Eglise, L-7430 Fischbach



## Etat Civil 2017

Tél : 32 70 84-1 / Fax : 32 70 84-50  
Internet: <http://www.acfischbach.lu>

### Secrétaire: Viviane Thill

Secrétariat communal: 32 70 84-1  
E-Mail: [secretariat@acfischbach.lu](mailto:secretariat@acfischbach.lu)

Redacteur: Michèle Scholtes  
Bureau de la population: 32 70 84-1  
E-Mail: [population@acfischbach.lu](mailto:population@acfischbach.lu)

### Receveur: Marlyse Kusnierz-Broers

Recette communale : 32 70 84-30  
E-Mail : [recette@acfischbach.lu](mailto:recette@acfischbach.lu)

### Ingénieur-Technicien: Romain Beckers

Service technique: Tél: 32 70 84-22  
E-Mail: [technique@acfischbach.lu](mailto:technique@acfischbach.lu)

### Fonctionnaire: Serge Hoffmann

Tél.: 32 70 84-1  
E-Mail: [population@acfischbach.lu](mailto:population@acfischbach.lu)

Préposé forestier: Olivier Molitor  
Service forestier: Tél.: 26 32 25 66  
E-Mail: [Olivier.Molitor@anf.etat.lu](mailto:Olivier.Molitor@anf.etat.lu)

### Heures d'ouverture :

#### Secrétariat et bureau de la population :

Lundi-Vendredi: 8h30 à 11h30

Jeudi: 14h00 à 18h00

#### Recette communale :

Lundi-Vendredi: 8h30 à 11h30

#### Service technique:

Heures d'ouverture (sur rendez-vous):

Lundi: 14h00 - 17h00

Mardi: 8h30 - 11h30

Jeudi: 8h30 - 11h30 et 14h00 - 17h00

#### Service forestier:

sur rendez-vous

### Naissances en 2017

Chaves Leana, Schoos, 16/12/2016  
  
Heinen Lilly-Zoé Ninon, Schoos, 11/01/2017  
Fernandes Vieira Rita, Angelsberg, 17/01/2017  
Jungblut Yana Lou, Schoos, 24/01/2017  
Weyrich Alya Mina, Fischbach, 06/02/2017  
Moos Ben, Angelsberg, 20/02/2017  
Moune Marissa Iris, Fischbach, 05/04/2017  
Suchecki Jakub Maksymilian, Schoos, 18/04/2017  
Claes Jim, Angelsberg, 15/05/2017  
Schanck Anne-Charline, Fischbach, 18/05/2017  
Chamkhi Elias, Angelsberg, 18/05/2017  
Dias Esteves Matilde, Angelsberg, 28/05/2017  
Marques Rodrigues Jayden Alberto, Angelsberg,  
04/06/2017  
Kiersch Amalia Vera, Angelsberg, 07/06/2017  
Barthel Jana, Schoos, 19/06/2017  
Wagener Erik, Schoos, 19/06/2017  
Ramadani Lior, Angelsberg, 30/06/2017  
Kubáťová Tereza, Fischbach, 03/07/2017  
Tavares da Veiga Moreno Leah, Angelsberg,  
05/08/2017  
Godinho Brochado Layla, Schoos, 12/08/2017  
Paulin-Campbell Joshua Dane, Fischbach,  
16/08/2017  
Wróbel Tymon Noah, Schoos, 30/09/2017

### Mariages en 2017

Wurth Claude et Weber Aline, Fischbach,  
17/10/2017

### Décès en 2017

Monsieur Kusnierz Edward, Fischbach,  
17/12/2016

Madame Marie Antoinette Hoffmann, épouse  
Crelo, Schoos, 02/05/2017  
Monsieur Victor Wirtz, Angelsberg, 11/07/2017  
Mademoiselle Chiara Lehnen, Angelsberg,  
24/09/2017



# Fairtrade Kaffisbuffet


Den 22. Oktober war et nees sou wäit: De Fairtrade Kaffisbuffet stoung um Rendezvous.

Gutt honnert Leit hu sech bei engem gemittleche Kaffisbuffet op der Héicht getraff.

D'Thema vun dësem Joer ware fair Banannen.

Zousätzlech zum gewinnte Buffet vu fairen a regionale Produkter gouf et Banannenzopp, Banannebrout a Banannemuffins.

Mir wiere frou wa mir lech all d'nächst Joer erëm kéinte begréissen.



De Fairtrade Grupp vun der Gemeng Fëschbech

\*\*\*\*\*

## Léif Leit aus der Gemeng



An der Lescht ass de Comité vum Gaart an Heem émmer méi kleng ginn a schon zanter e puer Joér hu mir kee Sekretär méi. Mir sinn elo un engem Punkt ukomm wou mir onbedéngt nei Leit musse kréien fir am Comité eng Charge als President, Sekretär oder Keessier ze iwwerhuelen. Anerefalls musse mir eise Veräin schwéieren Häerzens opléisen. Wann dir Interesse hutt da mellt lech bei engem Member vum Comité. Mir soën lech Merci.

In letzter Zeit wurde der Vorstand des Gaart an Heem immer kleiner und seit ein paar Jahren schon haben wir keinen Sekretär mehr. Wir sind jetzt an einem Punkt angelangt an dem wir dringend neue Mitglieder brauchen um einen Posten als Präsident, Sekretär oder Kassierer zu besetzen. Ansonsten müssen wir schweren Herzens unseren Verein auflösen. Falls Sie Interesse haben, melden Sie sich bitte bei einem Mitglied des Vorstands. Danke.

Le comité du Gaart an Heem est devenu de plus en plus petit ces derniers temps et depuis quelques années déjà nous n'avons plus de secrétaire. Il nous faut maintenant d'urgence des personnes qui veulent accepter un poste comme président, secrétaire ou trésorier. Sinon, nous devons dissoudre notre association avec grand regret. Si vous êtes intéressé à participer, adressez-vous à un membre du comité. Merci.

Christian Kirtz-Ewen: 32 79 41 / Marie Anne Kauffmann: 621 765 173 / Dany Hermes: 621 191 443



Fëschber Gemengeblat

# T'ass Kiermes am Duerf

Fëschbech / Schous

Foto: Josée Grégoire, Secretariat du Colonel hon. F. Brosius

Op der Foto sinn nieft de Musikanten, de Grand-Duc Jean, d' Prinzessin Margaretha mat hirer Duechter Anunciata von Liechtenstein.

Angelsbierg

Foto: Frank Weyrich



# Gemengewahlen 8.10.2017

## Wahlkampf

De 6. an 8. September 2017 haten d'Biergerinnen an d'Bierger aus eiser Gemeng, d'Méiglechkeet, sech als Kandidat fir d'Gemengewahlen 2017 anzeschreiwen.

Vun déser Méiglechkeet hate 10 Leit Gebrauch gemaach. Leider war keng Fra dabäi. Et waren dëst alphabetesch folgend Leit:

### BETTENDORF SVEN

FONCTIONNAIRE/EDUCATEUR, ANGELSBERG,  
LUXEMBOURGEOIS

### BROSIUS LUCIEN

FONCTIONNAIRE CFL, SCHOOS,  
LUXEMBOURGEOIS

### BROSIUS PAUL

INGENIEUR INDUSTRIEL, KOEDANGE,  
LUXEMBOURGEOIS

### DAEMS FRÄNK

FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, ANGELSBERG,  
LUXEMBOURGEOIS

### EWEN MARCEL

FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, WEYER,  
LUXEMBOURGEOIS

### GROTZ PATRICK

FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, FISCHBACH,  
LUXEMBOURGEOIS

### MOURA DANIEL

EDUCATEUR GRADUE, SCHOOS,  
LUXEMBOURGEOIS

### OLINGER KEVIN

EMPLOYEE DE L'ETAT, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

### SCHILTZ LAURENT

FONCTIONNAIRE COMMUNAL, ANGELSBERG,  
LUXEMBOURGEOIS

### TRAUSCH CLAUDE

CULTIVATEUR, FISCHBACH, LUXEMBOURGEOIS

Déi 10 Kandidaten haten sech drop geeenegt ee gemeinsame Flyer eraus ze bréngen, wou jiddfer Eenzelnen sech kuerz firgestallt huet a seng politesch Ziiler fir eis Gemeng mat gedeelt huet.

Är Kandidaten fir d'Gemengewahlen 2017



All wahlberechtigt Biergerinnen a Bierger konnten hier Kandidatur fir d'Zesummesetzung vum neie Gemengerot fir d'Joren 2017-2023 stellen. Vun déser Geeschenheet hunn 10 Männer Gebrauch gemaach.

Nodeems all d'Kandidate kontaktéiert gi sinn, hu mir decidéiert ee gemeinsame Flyer eraus ze ginn, op deem mir eis eenzel virstellen an eis Prioritéite fir di nächst 6 Joer presentéieren.

All Kandidat ass fir de Contenu vu senger Sait verantwortlech an engagiert sech fir e faire Wahlkampf.

Déi Leit, déi wille mat de Kandidate perséinlech schwätzen, kënnen dat jidderzäit maachen.

### Déi 10 Kandidaten op ee Bléck:

BETTENDORF SVEN  
FONCTIONNAIRE/EDUCATEUR, ANGELSBERG, LUXEMBOURGEOIS

BROSIUS LUCIEN  
FONCTIONNAIRE CFL, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

BROSIUS PAUL  
INGENIEUR INDUSTRIEL, KOEDANGE, LUXEMBOURGEOIS

DAEMS FRÄNK  
FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, ANGELSBERG, LUXEMBOURGEOIS

EWEN MARCEL  
FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, WEYER, LUXEMBOURGEOIS

GROTZ PATRICK  
FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, FISCHBACH, LUXEMBOURGEOIS

MOURA DANIEL  
EDUCATEUR GRADUE, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

OLINGER KEVIN  
EMPLOYEE DE L'ETAT, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

SCHILTZ LAURENT  
FONCTIONNAIRE COMMUNAL, ANGELSBERG, LUXEMBOURGEOIS

TRAUSCH CLAUDE  
CULTIVATEUR, FISCHBACH, LUXEMBOURGEOIS



Text: Ren Spautz a Fotoen: Steve Eastwood /LW a  
Ren Spautz.



Feschber Gemeindeblatt

# Gemengewahlen 8.10.2017

## Resultat

### Kandidaten:

Kandidaten:	Resultat:
<b>Daems Fränk</b>	409
<b>Grotz Patrick</b>	306
<b>Trausch Claude</b>	294
<b>Brosius Lucien</b>	277
<b>Bettendorf Sven</b>	251
<b>Moura Daniel</b>	242
<b>Brosius Paul</b>	203
<b>Schiltz Laurent</b>	192
<b>Olinger Kevin</b>	177
<b>Net gewielt:</b>	
<b>Ewen Marcel</b>	71

### Neie Gemengerot:

### Buergermeeschter:

**Daems Fränk**

### Scheffen:

**Grotz Patrick**  
**Brosius Lucien**

### Conseiller:

**Trausch Claude**      **Bettendorf Sven**  
**Moura Daniel**      **Brosius Paul**  
**Schiltz Laurent**      **Olinger Kevin**



# Nationale Beiendag 2017

**D**'FUAL, d'Federatioun vun de Lëtzebuerger Imker, chargéiert all Joer een aanere Kantonalveräin mat der Ausdrung vum Nationale Beiendag fir d'Beiesaison ofzeschléissen. Dëst Joer war dése Choix op de Mierscher Beieveräin gefall. De 24. September 2017 gouf de Nationale Beiendag 2017 zu Schous am Veräinshaus ausgedroen. No der gudden Zesummenaarbecht téscht eiser Ëmweltkommissiou, dem Fëschber Gemengerot an dem Mierscher Beieveräin am Kader vum « Beiprojet » war dëst e weideren Effort fir eis Beien ze énnerstëtzen.

De Programm war gutt geféllt. Moies gouf et nieft enger Begréissungsusprooch vum President vum Mierscher Beieveräin Nico Turmes, en Iwwerbléck iwwert d'Resultater vun der BeeFirst Studie vum Projektleiter Dr. Marco Beyer vum LIST (Luxembourg Institut of Science and Technology).

Stellvertriegend fir de Landwirtschaftsminister Fernand Etgen huet de neien ASTA-Direkter Marc Weyland den Imker Merci gesot fir hiren Asaz an d'Imkerei a gläichzäiteg Erläuterungen zum Thema "Asaz vu Planzeschutzmëttel a Beien" ginn.

Donieft huet d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg déi wichteg Aarbecht vun der Bei énnerstrach an allen Imker fir hir Zuuchtbeméiungen an hir Aarbecht am Déngscht vun der Bei an domat am Déngscht vun der Allgemengheet Merci gesot.

Ganz interessant a beliewend war och de Virtrag vum Dr. Georges Jacobs zum Thema Bëschzecken. Den Dr. Jacobs wousst d'Leit am Sall mat senge Fotoen, Erzielungen a Resultater aus senge Selbstversich ze begeeschteren. D'Präventioun, d'Erkenne vun engem Zeckebëss an d'Reaktioun no engem Zeckebëss waren Haaptbestanddeel vum Virtrag.


Virum kollektive Mëttegiessen huet d'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Fëschbech, Marianne Brosius-Kolber, op den Éierewäin invitíert, offréiert vun der Gemeng Fëschbech. No der Mëttestonn gouf et eng kuerz Presentatioun vum « Beiprojet » an der Gemeng Fëschbech duerch de President vun der Ëmweltkommissiou, Fränk Daems, an ee méi technesche Virtrag zum Thema "Betriebsweise an der Imkerei" vum "Imkermeister" Robert Löffler aus Weil im Schönbuch (D).

Um Enn huet de FUAL President Jean-Paul Beck ee Resumé vun deem gelongene Beiendag gemach an den Organisateuren esou wéi der Gemeng Fëschbech fir dee formidabelen Dag felicitéiert. A sengem Réckbléck op d'Saison 2017 huet de Jean-Paul Beck nach emol op d'Problemer opmierksam gemaach mat deenen d'Beien an d'Imker iwwert d'Joer ze kämpfen hunn. De FUAL President huet awer gläichzäiteg déi gutt Zesummenaarbecht téscht de Ministère (Landwirtschaft an Ëmwelt), hire Verwaltungen an der FUAL ervirgehuewen a gelueft.

Während dem ganzen Dag huet "Jardins de Luxembourg" vun Reiland, Imkermaterial – an Zubehör am Veräinshaus ausgestallt. De Pierre Kusnierz stoung allen interesséierte Leit, op Imker oder net, mat Root an Doot zur Säit.

Alles an allem, ee méi wéi gelongenen Nationale Beiendag 2017.

Text: Fränk Daems a Fotoen: Fernand Schiltz a Ren Spautz



# Viviane Thill, eis nei am Po



34

**Foto uewen:** Bei der Vereedegung mam ale Schefferot, dem Marianne Brosius-Kolber, Simone Majerus-Schmit an dem Marco Karier.

**Foto ënnen:** Bei der Aarbecht mam neie Buergermeeschter, dem Fränk Daems.

Text: Viviane Thill a Fotoen: Ren Spautz

Ch si 1964 an der Stad Lëtzebuerg gebuer wou ech och meng Kandheet a meng Jugendzäit verbruecht hunn.

Zesummen mat mengem Partner wunnen ech zanter 27 Joer zu Huelmes. Mir hu keng Kanner.

No menger Schoulzäit hunn ech  $2 \frac{1}{2}$  Joer an engem Kannerheem geschafft, duerno sinn ech bei de Staat gewiesselt, wou ech 15 Joer am heitegen „Centre des Technologies Informatiques de l'Etat“ geschafft hunn.

2001 sinn ech an de Gemengesecteur gewiesselt, fir d'éischt als Redakter op der Gemeng Vichten wou ech dun op den 1.1.2005 meng Nominatioun als Gemengsekretär krutt.

Den 1. Mee 2005 sinn ech dun op d'Gemeng Simmer gewiesselt, wou ech och bis elo den 31.10. bliwwen sinn.

Ukank November hunn ech meng nei Aarbechtsplaaz an der Gemeng Fëschbech ugetrueden.

Bis d'Fusioun den 1.1.2018 vun den Gemengen Simmer an Hobscheid ginn ech awer nach 2 Deeg an der Woch op Simmer fir do d'Geschäfter ofzeschléissen.



Feschber Gemeindeblatt

# Gemengesekretärin

## Portrait

Mir hunn dem Viviane Thill e puer Froe gestallt, fir hat esou besser kennen ze léieren.

Hei seng Äntwerten:

### **Wat sinn deng Stäerkten?**

Beruffflech: Obwuel ech jo en administrative Beruff hunn, sinn ech och am technesche Beräich net onbegaabt.

Karakterlech: Et gi net vill Leit mat deenen ech net kann!

### **Wat si deng Schwächten?**

Dat ass schwéier soen, well dat wat ech villäicht als Schwächt empfannen ass fir anerer villäicht eng Stäerkte oder émgedréit. Ech sinn heiando ze vill direkt an hunn e grousst "Harmoniebedürfnis", well soen, ech streiden net gär.

### **Wat gefällt dir un aneren?**

Humor a Flexibilitéit,

### **Wat gefällt dir net un anere?**

Egoismus an Récksiichtslosegkeet.

### **Wat sinn deng Hobbyen?**

Liesen, Kachen, Strécken, ausserdeem sinn ech zanter laange Joren an enger Ekip fir Waarmloftballon an hunn de Bootsführerschäin. Ech sinn zanter iwwer 30 Joer Member am Badmintonclub Jonglénster, wou ech och net grad 20 Joer aktiv gespillt hunn. Ausserdeem engagéieren ech mech all 2 Joer beim Fräilichttheater vum Schankemännchen zu Groussbus.

### **Wat lauschters du fir Musik?**

Queesch duerch de Gaart, mat Tendenz zu der Musek aus de 70er an 80er Joren an alles wat e bësselche funky a jazzy ass.

### **Wat fir e Buch liest du momentan?**

Ech liese virun allem Krimien an am léifste Regionalkrimien. De Moment liesen ech "Bretonisches Leuchten" vum Jean-Luc Bannalec.

### **Wou méss du Vakanz?**

Wou ass mir bal egal, d'Haaptsaach ech kann e puer Mol am Joer aus dem aldeeglechen Traintrain eraus. Ech muss awer soen dass ech immens gäre mam Schéff oder Boot Vakanz machen.

### **Wat ass déi gréissten Dram?**

Een Dram hunn ech keen, ech sinn de Moment esou zefridde wéi et ass. E Wonsch hätt ech awer: Zesumme mat mengem Mann gesond an déi Zäit ouni beruffleche Stress ze kommen an ze erliewen!


### **Wat ass deng Liewensastellung?**

Liewen a liewe loessen!



# Den Naturpark-Kalenner ass do!

Dir kënnt lech Äre Kalenner gratis op Är Gemeng  
siche goen.



D'Thema dëst Joer ass  
**restauréiert Bausubstanz**  
an den Naturparken.

**Le calendrier des Parcs  
naturels est arrivé !**

Il est gratuit et disponible à votre  
mairie.

**Der Naturpark-Kalender  
ist da!**

Sie können ihn gratis bei ihrer  
Gemeinde abholen.

# De Kleeschen an der Angsber Schoul



# De Kleeschen an d



# er Angsber Schoul



Fotoen: Frank Weyrich

D'Gemeng Fëschbech  
an d'Redaktioune vum Blat,  
wënschen all Awunner  
schéi Feierdeeg  
an ee gesond a glécklecht  
neit Joer